Lëtzebuergesch

Am **Cycle 1** ass d'Lëtzebuerger Sprooch d'Unterrechts- an d'Integratiounssprooch.

An de **Cyclen 2 bis 4** ginn d'Coursen *Éveil aux sciences*, Sport, Konscht, Musek, *Vie et société* an d'Lëtzebuerger Sprooch op Lëtzebuergesch ënnerriicht. Fir dës Coursen, ausser fir d'Lëtzebuergescht, sinn d'Léiermaterialien op Däitsch a Franséisch disponibel.

Erklärvideo

Zweet Sprooch



Am **Cycle 2** léieren d'Schülerinnen an d'Schüler, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, Franséisch mëndlech, an d'Schülerinnen an d'Schüler, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, léieren Däitsch mëndlech.

Am **Cycle 3** hunn d'Schülerinnen an d'Schüler, déi op Franséisch liesen a schreiwe geléiert hunn, méi Däitschstonnen. D'Schülerinnen an d'Schüler, déi op Däitsch liesen a schreiwe geléiert hunn, hu méi Franséischstonnen.

Am **Cycle 4** hunn all d'Schülerinnen an d'Schüler déi selwecht Unzuel vu Schoulstonnen am Franséischen an am Däitschen.

alpha@script.lu | alpha.script.lu

Organisatioun vun de Klassen an den ALPHA-Gruppen (DE/FR)

D'Schülerinnen an d'Schüler sinn an hirer Klass zesummen. An de **Cyclen 2 an 3** gi se an hire jeeweilegen ALPHA-Grupp, fir d'Sproochen an eventuell d'Mathematik ze léieren.



Erklärvideo



ALPHA zesumme wuessen







LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

« ALPHA – zesumme wuessen » erlaabt de Schülerinnen a Schüler et, an enger Sprooch liesen a schreiwen ze léieren, déi méi no un hirer Famillje-sprooch ass: entweeder Däitsch oder Franséisch, d'Elteren hunn hei de Choix.

Gespréicher, fir dee richtege Choix ze maachen

Am **Cycle 1** erlabe Gespréicher mam Léierpersonal den Elteren et, déi néideg Informatiounen ze kréien, fir de Choix vun der Alphabetiséierungssprooch vun hirem Kand op Basis vu senge Sproochkompetenzen ze maachen.

D'Preparatioun op déi geschriwwe Sprooch vum Cycle 1 un

Am **Cycle 1** bereeden d'Kanner sech dorop vir, liesen a schreiwen ze léieren. Lues a lues gi se sech de Lauter bewosst a maachen hir éischt Erfarunge mat Buschtawen. Dat gëtt hinnen eng wichteg Basis, fir am Cycle 2 liesen a schreiwen ze léieren.



Krittäre fir de Choix vun der Alphabetiséierungssprooch:

- **d'Sproochen, déi an der Famill an am Ëmfeld vum Kand geschwat ginn;**
- **d'Sproochen, déi d'Kand versteet a schwätzt;**
- **d'Perspektiven an d'Projete vun der Famill.**



*Déi wéchentlech Verdeelung vun de Schoulstonne pro Sprooch (Däitsch a Franséisch) gëtt vun der pedagogescher Ekipp op Basis vum järleche Volume an de Besoine vun de Schülerinnen a Schüler definéiert.